N°4666
Luxembourg, le 24.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.08.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Den CGDIS ass eng onofhängeg Verwaltung, déi ënnert der Tutelle vum Inneministère steet. Dëse Status sollt fir eng politesch Onofhängegkeet an Neutralitéit vun de Rettungsdéngschter suergen, wat och d'Vertraue vun der Bevëlkerung an d'Effikassitéit vu senger Aarbecht ënnerstëtzt.

Regelméisseg ginn et awer Biller a Videoen, op deene Politiker mat CGDIS-Personal, -Material oder -Gebaier poséieren – zum Beispill bei Pompjeesfester, Aweiunge vu Kasären oder aneren ëffentleche Manifestatiounen.

An anere Länner huet dëst Thema scho fir Kontroverse gesuergt, zum Beispill a Sachsen-Anhalt, wou Membere vun enger *Freiwilligen Feuerwehr* an Uniform an Déngschtgefier sech mat engem Spëtzekandidat vun enger Partei fotograféiere gelooss hunn, wat de betraffene Buergermeeschter ëffentlech kritiséiert huet.

Zu Lëtzebuerg gëtt et bis elo keng Kloerheet doriwwer, wéi eng Reegele fir den CGDIS an dësem Beräich gëllen – souwuel fir eege Membere wéi och fir Politiker:innen, déi de Kontakt mam CGDIS fir hir Kommunikatioun notze wëllen.

Den Artikel 232bis vum Code pénal gesäit awer Prisongsstrofen vir, wann een d'Symboler vun ëffentleche Verwaltungen vun ëffentleche Verwaltunge mëssbraucht, dorënner och fir Publicitéit.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Existéiere beim CGDIS Reegelen, déi festleeën, ob a wéi CGDIS-Memberen an Uniform oder mat

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Déngschtmaterial fir Fotoen oder Videoe mat politeschen Acteuren dierfe poséieren?

2. Wéi ass d'Benotzung vum Numm, Logo, Material, Gefierer oder Gebaier vum CGDIS fir d'politesch Kommunikatiounen oder fir Walcampagnen gereegelt?

3. Wéi gëtt sécher gestallt, datt d'Participatioun vum CGDIS u Manifestatiounen mat Politiker net als politesch Ënnerstëtzung interpretéiert ka ginn?

4. Goufen et an der Vergaangenheet Fäll, wou den CGDIS oder de Ministère intervenéiert sinn, well den Numm, de Logo, Material, Gebaier oder Personal vum CGDIS am politesche Kontext benotzt goufen?
   Falls jo, ëm wéi vill Fäll geet et a wéi gouf reagéiert?

5. Wéi oft gouf den Artikel 232bis vum Code pénal an de leschten 10 Joren ugewannt a wéi vill Mol beim CGDIS?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés